Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.

Verschidden Zeitungen hunn iwwert ee Fall vun Homophobie beriicht, deen sech dëst Joer um Pride Festival zougedroen huet. Hei gouf ee Kënschtler, deen op der Pride deelgeholl huet, nom Festival vun zwou Persounen diskriminéiert an aggresséiert. D'Police bestätegt, dass eng Plainte géint d'Aggresseure gemaach gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vun Homophobie goufen et an de vergaangene 5 Joren, opgelëscht pro Joer?
2. Wéi vill Fäll vun Diskriminéierung goufen et an de vergaangene 5 Joren, opgelëscht pro Joer?
3. Ginn et zu Esch méi där Fäll wei am Rescht vum Land?
4. Ass d'Situatioun insgesamt fir d'LGTBIQ-Communautéit méi schlëmm ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten